Nummer 271
September 2024

# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng
Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert




www.redange.lu

L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 2 | Inhalt |
| 3 | Wëssenswertes aus der Gemeng |
| 4-5 | Nei Offalltaxen |
| 6-7 | AVIS -Wiessele vun der Waasserzieler |
| 8 | Chantier - Rond-point Reichlange |
| 9 | Kanton Réiden |
| 10-11 | AVIS / RAPPEL |
| 12-13 | Sicona |
| 14-15 | Atert Lycée Réiden |
| 16 | Réidener Schwämm |
| 17 | Kulturkommissioun vun Gemeng Réiden |
| 18 | D'Fraen a Mammen aus der Par Atertdall Sainte Claire |
| 19 | Vëlos-Tour Gemeng Réiden |
| 20 | Vide-Dressing vum Handball Club Atert Réiden |
| 21 | Fada's Family Deluxe Show Grils |
| 22 | Par Atertdall Sainte-CLAIRE |
| 23 | D'Kropemannsfest a.s.b.l. ass nei agekleed ginn |
| 24 | Kropemannsfest 2024 |





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
***Kropemannkommission***
Philippe Faber, Monique Kuffer, Léon Huss, Majid Maki, Luc Pauly, Henri Thill.
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 26 004 110
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.
Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.



© Copyright 2024

**!!!OPGEPASST!!!**

**Heimatt informéiere mir iech dass d'Gemeng den 12. September 2024 ausnamsweis zou bleift.**

**Bei enger Urgence:**

**26 004 231**

## Gemeng Réiden

### Ëffnungszäiten

**Méindes bis Freides vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer**

**a Mëttwochs vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer a vun**
**14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Manifestatiounskalenner

### September/Oktober 2024

*De 4. September* Kinosowend an der Aula zu Réiden

*De 15. September* Vëlos-Tour an der Gemeng Réiden.

*Den 29. September* Kropemannsfest 2024

*De 5. Oktober* Vide-Dressing am Polyvalent zu Réiden.

*Den 19. Oktober* Fada's Family Delux Show Girls am Polyvalent zu Réiden, org, vun der Réidener Musik.

## Offallkalenner

**Mëttwoch, de 4. September:** Valorlux
**Freideg, de 6. September:** Biooffall
**Mëttwoch, den 11. September:** Hausoffall
**Donneschdeg, den 12. September:** Glassam.
**Freideg, den 13. September:** Biooffall
**Méindeg, de 16. September:** Pabeiersamml.
**Mëttwoch, den 18. September:** Valorlux
**Freideg, den 20. September:** Biooffall/Alkleed.
**Mëttwoch, de 25. September:** Hausoffall
**Freideg, de 27. September:** Biooffall

# Nei Offall Taxen

**(ab dem 01.07.2024)**

- **HÄUSHALTS-OFFÄLL / *DECHETS MENAGERS (obligatoresch) Vidage all 2 Wochen***

Et gëtt eng **Jorestax** verrechent déi vum Volumen vun der Dreckskëscht fir den **Häushalts Offall** ofhängeg ass:

| Taxe fixe en € par volume de poubelle | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 60L | 80L | 120L | 180L | 240L | 360L |
| 137.60 € | 169.60 € | 235.20 € | 324.80 € | 392.00 € | 531.20 € |

Eng Tax gëtt verrechent fir **all Kéier wou d'Dreckskëscht eidel gemaach gëtt**, och des Tax variéiert mat der Gréisst vun der Dreckskëscht:

| Taxe par vidage en € par volume de poubelle | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 60L | 80L | 120L | 180L | 240L | 360L |
| 2.77 € | 3.42 € | 4.75 € | 6.24 € | 7.92 € | 10.69 € |

Wann et emol net mat der Platz an der Poubelle sollt duer goen kann eng **SIDEC-Tut vun 80L** bei gestallt ginn. Dës Tuten ginn et an der Receptioun vun der Gemeng ze kafen. De Präis: 10,00 € pro Tut.

Et ass och méiglech eng **Dispens vun der Dreckskëscht** ze kréien. Dës Dispens muss schrëftlech a mat Begrënnung op der Gemeng ugefrot ginn a vum Schäfferot accordéiert ginn. Fir eng Dispens gëtt eng Jorestax vun 50.00€ verrechent.

- **ORGANESCH OFFÄLL / *BIODECHETS (fakultativ) Vidage all Woch (Mee – Oktober) all 2 Wochen (November – Abrëll)***

Eng Dreckskëscht vu 60L steet **gratis** fir all Stot zur Verfügung.

| Organesch Offäll | 60L | 120L | 240L |
|---|---|---|---|
| **Eng eemoleg Tax** gëtt verrechent fir déi méi grouss Dreckskëschten wéi 60L (0.25 € pro zousätzlechen Liter) | / | 15 € | 45 € |

| Organesch Offäll | 60L | 120L | 240L |
|---|---|---|---|
| **Eng Tax pro Eidel maachen** gëtt verrechent fir déi méi grouss Dreckskëschten wéi 60L (0.038 € pro zousätzlechen Liter) | / | 2.28 € | 6.84 € |

- **HUEL GLAS / *VERRE CREUX* (fakultativ) Vidage all 6 Wochen**

Eng Dreckskëscht vun 120L fir d'Glas steet **gratis** fir all Stot zur Verfügung.

**Eng eemoleg Tax** gëtt verrechent fir all zousätzlech Dreckskëscht (0.25 € pro zousätzlechen Liter) *(30.00 € / Dreckskëscht)*

**Eng Jorestax** gëtt verrechent fir all zousätzlech Dreckskëscht (0.142 € pro zousätzlechen Liter) *(17.04 € / Dreckskëscht)*

- **PABEIER / CARTON (fakultativ) Vidage all 4 Wochen**

Eng Dreckskëscht vun 120L **oder** vun 240L fir de Pabeier/Carton steet **gratis** fir all Stot zur Verfügung.

- **PAUSCHAL TAX / *TAXE FORFAITAIRE***

Eng **pauschal Jorestax vun 15 €** gëtt automatesch verrechent un all Stot deen en Abonnement op Dreckskëschten an der Gemeng huet, ob en an der Gemeng wunnt oder net, souwéi och un all industriell, kommerziell, artisanal an administrativ Betriber déi hiren Site an der Gemeng hunn. Dës Tax gëtt opgehuewen fir déi gängeg Frais'en ze decken, déi d'Gemeng am Kader vun den Offäll huet.

- **WIESSELEN VUN DEN DRECKSKËSCHTEN**

Fir all Dreckskëscht déi géint méi eng grouss soll getosch ginn gëtt eng eemoleg Tax vun 0.25 € pro zousätzlechen Liter ogehuewen, doran sinn d'Liwweren vun der neier esou wéi d'Ofhuelen vun der aler Dreckskëscht mat abegraff. D'Liwweren, d'Programméieren esou wéi den Montage vum Chip gëtt mat 10 € verrechent.

Fir all Dreckskëscht déi géint méi eng kleng soll getosch ginn gëtt eng pauschal Tax vun 10 € pro Dreckskëscht verrechent, doran sinn d'Liwweren vun der neier esou wéi d'Ofhuelen vun der aler Dreckskëscht mat abegraff. D'Liwweren, d'Programméieren esou wéi den Montage vum Chip gëtt mat 10 € verrechent.

D'Wiesselen vun den Dreckskëschten gëtt nemmen gemaach wann se eidel a propper sinn.

*Pour la version française: www.redange.lu*

ADMINISTRATION COMMUNALE DE **REDANGE/ATTERT**
SERVICE TECHNIQUE

JIM THILLEN TEL : 26004-213 / FAX : 23620428
38, GRAND-RUE L-8510 REDANGE/ATTERT

## *Informatiounsblad zum Wiessele vun de Waasserzieler an der Gemeng Réiden/Atert*



Bedéngt duerch d'Evolutioun an der Technik vun de Waasserzieleren, an och fir am Beräich vum Drénkwaasser um neitste Stand ze bleiwen, ginn an der Gemeng Réiden/Atert an den nächste Joeren d'Waasserzieleren gewiesselt.

Dës nei Generatioun vun Zieleren späichert iwwert den Dag de Waasserverbrauch, a verschéckt dësen dann eemol am Dag per Funk un de Fakturatiounsservice vun der Gemeng. Sou muss de Service Technique net méi duerch déi ganz Gemeng fueren fir d'Zielerstänn ofzeliesen, wann d'Rechnunge vun de Gemengentaxen nees ustinn, sou wéi dëst aktuell nach de Fall ass.

### *Dës nei Funktechnik huet eng Rei vu Virdeeler wéi z.B.:*

- *Ofrechnung beim Proprietäre Wiessel*

  Wann Dir Äert Haus verkafen oder verloune wëllt, kann den aktuelle Waasserstand vum Zieler den Dag, wou de Schlëssel iwwerreecht gëtt per Funk ofgelies ginn, ouni mussen e Rendez-vous ob der Plaz mat engem Responsabele vun der Gemeng ze maachen. Ausserdeem kann de Stand vun deenen zoustännege Leit vum Service Technique a vum Fakturatiounsservice och spéiderhin op e bestëmmte Stéchdatum zréck gekuckt ginn.

- *Fuitten am Haus Reseau*

  Hu Dir bei Iech Doheem eng Fuite, schéckt den Zieler automatesch eng Meldung un d'Gemeng, dat de Verbrauch iwwert eng gewëssen Zäit net ob Null zréck gaangen ass. Sou kënne mir zäitno mat Iech Kontakt ophuele fir ofzeklären wou de Problem läit.

  Dëst kënnen oft kleng Fuitte sinn, wéi z.B eng Toilette, déi net ganz dicht ass, oder e Secherheetsventil vun enger Heizung, wou defekt ass. Sou leeft d' Waasser deelweis direkt an de Kanal, ouni dat een dëst iwwert Deeg oder Wochen iwwerhaapt bemierkt. Réischt op der Rechnung falen engem dann déi enorm Käschten op nodeems etlech Kubikmeter Waasser onnéideg fortgelaf sinn.

ADMINISTRATION COMMUNALE DE **REDANGE/ATTERT**
SERVICE TECHNIQUE

JIM THILLEN TEL : 26004-213 / FAX : 23620428
38, GRAND-RUE L-8510 REDANGE/ATTERT

- *Fuitten am Waasser Reseau vun der Gemeng*

  Well all Dag de Stand vun all Zieler gespäichert gëtt an un d'Gemeng gefunkt gëtt, kann de Service Technique dës Wäerter mam Verbrauch an de Waasser Basenge vergläichen, an sou kontrolléieren ob net éierens eng Fuite un enger Waasserleitung ass.

Fir dass dës Wiessel Aktioun sou séier wi méiglech ka gemaach ginn, wäert eise Waasser Service an deenen nächste Jore vun Haus zu Haus schelle kommen, fir da spontan den Zieler ze ersetzen. Sollt Dir deen Dag, wou eis Aarbechter bei Iech laanscht kommen, net doheem sinn, da kritt Dir vun hinnen e Schreiwes mat den Angabe vum zoustännege Service an d'Bréifkëscht gehäit, mat deem Dir e Rendez-vous kënnt ausmaachen.




Vum Ausgesinn hier ännert, ob déi Zieleren, déi no 2015 montéiert gi sinn, näischt.

Bei deenen Zieleren, déi virun dësem Datum gesat goufen, ännert dat Optescht liicht, wat awer net verhënnert, dass Ären Zieler zu all Moment vun Iech selwer kann ofgelies ginn. De Verbrauch gëtt iwregens a Liter ugewisen (0,xxx m3).

Duerch déi nei Funk Technik an der Tatsaach, dass den Zieler just eemol am Dag seng Wäerter rausschéckt, ass eng Liewensdauer vun der Batterie vu Minimum zéng Joer garantéiert. Mee och am Fall dat d'Batterie eemol sollt platt sinn, kann de Waasserstand ëmmer nach analog um Zieler selwer ofgelies ginn.

Wann Dir heizou nach Froen hutt, kënnt Dir Iech gäre beim Jim Thillen vum Service Technique per E-Mail (jim.thillen@redange.lu) oder per Telefon op der Nummer 26 00 4-213 mellen.

***Pour la version française: www.redange.lu***

# CHANTIER - Rond-point Reichlange
# RECTIFICATIF 2

Pour des raisons d'organisation du chantier les routes seront fermées en plusieures phases pour toutes circulations:

La première phase concerne la rue de Saeul (N12).

La deuxième phase concerne la route (N12) en direction Everlange et Préizerdaul.

La troisième et la quatrième phase concernent les routes en direction Ospern (N23) respectivement Redange (N22). (Date à convenir)

Afin de garantir une concertation entre les différentes chantiers dans la région, ces déviations seront mises en place par les services des ponts et chaussées.


Aus organisatoresche Grënn gëtt de Chantier a Phase fir all Circulatioun gespaart:

An der éischter Phas ass d'rue de Saeul (N12) concernéiert.

Déi zweet Phas concernéiert d'Strooss (N12) an d'Direktioun Iewerléng a Préizerdaul.

An der drëtter an an der véierter Phas sinn d'Stroossen an Direktioun Osper (N23) respektiv Direktioun Réiden (N22) concernéiert. (Datume sti nach net fest)

Fir d'Chantieren an der ganzer Regioun ze koordinéieren, stellen d'Ponts et Chaussées d'Deviatiounen op.




D'Strooss Richtung Sëll ass vum 19. August bis de 14. September 2024 inclus gespart.

Déi nei Vëlosbréck gëtt de 27. an 28. September 2024 gesat. D'Strooss ass ab dem 27. September (22.00 Auer) bis den 28. September gespart.

*Route barrée direction Saeul à partir du 19 août au 14 septembre 2024 inclus.*

*Route barrée pour la pose de la nouvelle passerelle le 27 septembre à partir de 22.00 heures jusqu'au 28 septembre 2024 inclus.*

D'Strooss Richtung Préizerdall/Iewerleng ass vum 16. September bis den 20. Dezember 2024 gespart.

*Route barrée direction Préizerdaul/Everlange à partir du 16 septembre jusqu'au 20 décembre 2024 inclus.*

Redange, le 21 août 2024




## *Visite vu verschiddene Gemengeréit bei de Servicer um Kanton Réiden*

E Freide waren 10 Memberen aus Gemengen- a Schäfferéit vum Kanton Réiden mat op d'Visite bei déi verschiddene Servicer vum Kanton Réiden. Mat engem Mini-Bus goung et als éischt op Uselding bei den TouristInfo Wëlle Westen a bei de Péitche Lauer fir de Pavillon an di 3 Champignonszëmmer, e Projet vum Kanton Réiden, unzekucken. Duerno goung et weider op Räichel an eng vun den aktuell zwou kantonale Crèchen Abutzen.
No Räichel stoung d'Zone artisanale vum Riesenhaff an der Rammericher Gemeng um Programm. Vun do ass et op Ell an déi aner kantonal Crèche gaangen, ier et weider an d'Infostuff op Réiden gaangen ass, wou de Service Environnement a LEADER Wëlle Westen hier Büroen hunn. Leider waren d'Kolleege vum Sport-Krees Atert an enger Kolonie, dowéinst goung et direkt an den Atelier vun eisen Aarbechter, ënnert dem Polyvalent vu Réiden.
Zweet lescht Statioun war d'Worréshaus zu Réiden, wou d'Administratioun vum Kanton Réiden ënnerbruecht ass, souwéi d'Servicer Logement, Vivre Ensemble a Mobilité.
An zur gudder lescht, ass sech nach d'Zone artisanale Solupla ugekuckt ginn, déi aktuell vergréissert gëtt.
Mir soen den 10 Participanten e ganz grousse Merci fir hiren Interessi an hoffen, dass si Neies iwwer de Kanton a seng Servicer bäigeléiert hunn.

## *Visite de conseillers communaux aux services du canton de Redange*

*Vendredi dernier, 10 membres des conseils communaux et échevinats du canton de Redange ont participé à la visite des différents services du canton de Redange. À bord d'un mini-bus, la première étape était Useldange, où ils ont visité le TouristInfo Wëlle Westen et le Péitche Lauer pour voir le pavillon et les trois chambres à champignons, un projet du canton de Redange. Ensuite, ils se sont rendus à Reichlange pour visiter l'une des deux crèches cantonales.*
*Après Reichlange, la zone artisanale de Riesenhaff dans la commune de Rambrouch était au programme. De là, ils se sont rendus à Ell pour visiter l'autre crèche cantonale avant de continuer vers l'Infostuff à Redange, où se trouvent les bureaux du Service Environnement et de LEADER Wëlle Westen. Malheureusement, les collègues du Sport-Krees Atert étaient en colonie de vacances, donc la visite s'est poursuivie directement vers l'atelier de nos travailleurs, situé sous le hall polyvalent de Redange.*
*L'avant-dernière étape était la maison Worré à Redange, où se trouvent l'administration du canton de Redange ainsi que les services Logement, Vivre Ensemble et Mobilité. Enfin, ils ont visité la zone artisanale Solupla, actuellement en cours d'agrandissement.*
*Nous remercions chaleureusement les 10 participants pour leur intérêt et espérons qu'ils ont appris de nouvelles choses sur le canton et ses services.*

## *AVIS AU PUBLIC*

Par la présente, il est porté à la connaissance du public que la délibération du 20 juin 2024 portant « Fixation d'un règlement-taxe relatif à l'utilisation des commodités mises à disposition dans le cadre de l'air de repos pour motor-homes » a été approuvée par M. le Ministre des Affaires Intérieures en date du 18 juillet 2024 - référence FC05-2024-A199.

*Redange, le 25 juillet 2024*
*Pour le collège des bourgmestre et échevins,*
*Le Bourgmestre, Le Secrétaire,*

## *AVIS AU PUBLIC*

Par la présente, il est porté à la connaissance du public que la délibération du 20 juin 2024 portant « Règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC » a été approuvée par M. le Ministre des Affaires Intérieures en date du 18 juillet 2024 - référence FC05-2024-A201.

*Redange, le 25 juillet 2024*
*Pour le collège des bourgmestre et échevins,*
*Le Bourgmestre, Le Secrétaire,*

# *RAPPEL*

1) Tout chien doit être tenu en laisse:

- à l'intérieur des agglomérations;
- dans les transports en commun, dans les parties communes des immeubles collectifs, sur les parkings ouverts au public, sur les stations de service et pendant les manifestations publiques;
- sur les terrains de sport, les pistes cyclables et les parcours sportifs.

2) Dans tout autre endroit, les détenteurs des chiens sont obligés de garder leur chien sous contrôle et de le reprendre en laisse en cas de besoin.



# RAPPEL



EIS HAUSDÉIEREN
KOMM MIR SCHWÄTZEN IWWER...
HONDSKÉIP
Zu Lëtzebuerg liewe méi wéi 42'000 Hënn. Déi hannerloossen...
8,4 Tonne Kot pro Dag
16'800 Liter Urin pro Dag
ENG 'DRECKEG' AFFÄR FIR...
MËNSCH
MIKROBEN/KRANKHEETSERREEGER
Inhalatioun beim Méien
Wann d'Kanner dobausse spillen
ÄSTHETIK, GEROCH an d'Gefor dran ze TRËPPELEN
RESPEKTLOSEGKEET wann een aneren et muss fortmaachen
KONFLIKTPOTENTIAL tëschent Matmënschen
"HAASS OP HËNN" (schlëmmst Form: Gëftköder)
DÉIER
KÉI, PÄERD, GEESSEN A SCHOF LEIDEN
Den Hondskaka enthält Krankheetserreeger, déi besonnesch fir trächteg Notzdéiere schiedlech kënne sinn;
Wa si d'Hee aus der Wiss friessen, wou d'Exkrementer dra gemëscht sinn, kann dëst eng Feelgebuert provozéieren!
NATUR
De Kot vun Hënn ass keen Dünger. En enthält oft:
STÉCKSTOFF & PHOSPHOR & SCHWÉIERMETALLER & MEDIKAMENTER
EUTROPHÉIERUNG vun de Gewässer
= onerwënscht Erhéijung vum Närstoffgehalt
VERSCHMOTZUNG vun de Biedem
= toxesch fir Buedem-liewewiesen a Planzen
Béides féiert zu Biodiversitéitsverloscht!
EbL
Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu
KANTON REIDEN
D'OPRAFE VUM HONDSKACK ASS BESSER FIR D'EMWELT EWÉI ET EINFACH LEIEN ZE LOOSSEN.
VERSTOUSS - 25€-250€

**Naturpakt – Engagement gëtt ausgezeechent !**

D'Gemeng engagéiert sech aktiv fir den Naturschutz an ass dem Naturpakt 2021 bäigetrueden, deen vum Ëmweltministère an d'Liewe geruff ginn ass fir den Naturschutz an de Gemengen ze fërderen an ze belounen.

Beim leschten Audit 2023 huet d'Gemeng mat 42,45 % d'Basiszertifizéierung kritt. Déi enk Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng mat hiren eenzelnen Servicer, dem Fierschter an dem SICONA huet déi Progressioun méiglech gemaach.


Ëmgesate Moossnamen:

- ✓ Akerkartéierung
- ✓ Kartéierung vun de Gréngflächen an Ëmsetze vum Gestiounsplang
- ✓ Erneierung vun der Stroossebeliichtung

Zukünfteg Projeten:

- → Installéiere vun Nistkëschten op Gemengegebaier
- → Reamenagement vu Gréngflächen am Siidlungsberäich

Weider Informatiounen op : pactenature.lu an sicona.lu



*Akerkartéierung*



*Gréngfläch am Siidlungsraum*



*Nistkëschten fir Schmuewelen*

**Pacte nature – un engagement certifié !**

La commune s'engage activement pour la protection de la nature et a adhéré au Pacte nature en 2021. Celui-ci a été mis en place par le ministère de l'Environnement afin de promouvoir et récompenser les mesures de protection de la nature au niveau communal.

Dans le cadre de l'audit 2023, la commune a obtenu la certification de base avec 42,45 %. La collaboration étroite entre la commune et ses services, le préposé forestier et SICONA a permis de progresser rapidement.

Les mesures mises en œuvre :

- ✓ Cartographie des champs
- ✓ Cartographie des espaces verts et mise en œuvre du plan de gestion
- ✓ Renouvellement de l'éclairage routier

Les mesures à réaliser :

- → Installation de nids artificiels pour oiseaux nicheurs aux bâtiments communaux
- → Réaménagement d'espaces verts en milieu urbain

Pour en savoir plus rendez-vous sur : **pactenature.lu** et **sicona.lu**

---

SICONA – Naturschutzsyndikat
12, rue de Capellen
L-8393 OLM
T: 26 30 36 25
E: administration@sicona.lu

# Atert Lycée Réiden





Innovatives Schulprojekt: Schüler des Atert Lycée (Rédange-sur-Attert) gestalten taktiles Buch für sehbehinderte Kinder**

Redingen/Attert :Kürzlich überreichten die Schüler der Klasse 7C1 des Atert Lycée, der A.M.V.A. (Association pour Mal-Voyants et Aveugles) die Erstausgabe eines einzigartigen taktilen Buches. Dieses Buch, das speziell für sehbehinderte und blinde Kinder entwickelt wurde, ist das Ergebnis eines innovativen Schulprojekts, das Kreativität und Inklusion fördert.

Die Idee für dieses Projekt kam von Frau Pascal Link, der Präsidentin der A.M.V.A.. Anfang des Jahres trat sie mit ihrem Vorschlag an Frau Aurore Ries, die „Régente" und Kunstprofessorin des Gymnasiums heran. Frau Ries und ihre Schüler ließen sich sofort von der Idee begeistern und begannen umgehend mit der Umsetzung.


Um das Projekt erfolgreich umzusetzen, wurden die Schüler dazu ermutigt, sich in die Perspektive blinder Menschen zu versetzen. Dies forderte von ihnen, alltägliche Dinge so darzustellen, dass sie ohne visuelle Hilfe verständlich sind. Eine große Herausforderung, insbesondere für 12- bis 14-Jährige. Die Schüler bewiesen jedoch bemerkenswerten Einfallsreichtum und fanden kreative Wege, um Gegenstände mit einfachen Materialien und ohne komplizierte Erklärungen ertastbar zu machen.

Ein herausragendes Beispiel für die Arbeit der Schüler ist die Darstellung von Gras, Tieren und Landschaften. Mit minimalem Einsatz von Worten und unter Nutzung einfacher Materialien schafften sie es, diese Elemente taktil erlebbar zu machen. Sogar bewegliche Details wurden integriert, um die Darstellungen lebendiger zu gestalten. Diese einfühlsame Herangehensweise zeigt, wie viel Herzblut und Engagement in das Projekt eingeflossen sind.

Das taktile Buch enthält eine vollständige Geschichte, die in Punktschrift gedruckt ist. Zu dieser Geschichte gehören ertastbare Bilder und teilweise bewegliche Details, die den blinden und sehbehinderten Kindern helfen, die Erzählung noch besser zu verstehen und zu erleben.

Die Übergabe des taktilen Buches an die A.M.V.A. war ein bedeutender Moment und markierte den erfolgreichen Abschluss des Projekts.

Dieses Projekt zeigt eindrucksvoll, wie Schüler durch Empathie und Kreativität einen bedeutenden Beitrag zur Gesellschaft leisten können. Es unterstreicht, wie wichtig und wirkungsvoll inklusive Bildungsinitiativen sind. Die Hoffnung besteht, dass weitere Schulen von diesem inspirierenden Projekt lernen und ähnliche Initiativen ins Leben rufen werden.
Frau Ries und ihre Schüler haben nicht nur ein wunderbares Lernmittel für sehbehinderte Kinder geschaffen, sondern auch gezeigt, wie wertvoll und bereichernd integrative Bildung sein kann. (Fotos: Charles Reiser)




Dir wollt schonn ëmmer méi iwwer d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg wëssen? Da kommt an entdeckt d'Wanderausstellung „D'Lëtzebuerger Sprooch(en)" vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS).

Wou? Atert-Lycée Redange (um éischte Stack bei der Bibliothéik)
1 Rue du Lycée
L-8508 Redange

Wéini? 1. – 10. Oktober 2024
D'Ausstellung ass wärend den Ëffnungszäite vum Lycée op fir de Public:
méindes – freides: 08:00 – 17:00
samschdes: 08:00 – 12:00

Fir wien? D'Ausstellung riicht sech u Jonker an Erwuessener.
D'Inhalter sinn op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch.
Et gëtt och e Rallye fir Kanner (10+).

Den Entrée ass gratis.

D'Ausstellung versteet sech als Invitatioun, sech mat Sprooch a Sproochen auserneenzesetzen. Den Titel ass bewosst méideiteg a soll déi komplex Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg erëmspigelen.

D'Ausstellung befaasst sech ë. a. mat dësen Theemaen: Méisproochegkeet, sproochlech Varietéiten an Dialekter, Geschicht, Sproochwandel a Lëtzebuergesch an der Literatur an an de Medien. Méi konkreet ginn dës Aspekter ënner d'Lupp geholl:

- Wéi gesäit déi offiziell a gesellschaftlech Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg aus?
- Wat ass Lëtzebuergesch a wéi funktionéiert d'Sprooch hautdesdaags?
- Wéi huet sech d'Lëtzebuerger Sprooch an de leschten 200 Joer entwéckelt?

Nieft audiovisuellem Material bitt d'Ausstellung och interaktiv Elementer, bei deenen een zum Deel iwwer säi Smartphone ka matmaachen.

Wann Dir Froen hutt oder méi Informatioune wëllt, da kontaktéiert den ZLS: expo@lod.lu

réidener schwämm

# Wettrutschen an der Réidener Schwämm

Op Initiative vun de Responsabele vun de Réidener Schwämm huet 2024 di 1. National Meeschterschaft am Wettrutschen zu Lëtzebuerg statt fonnt; dëst an Zesummenaarbecht mat de Schwämme vu Stroossen, Parc Housen, Colmer-Bierg, Miersch a Niederanven.

Samschdes moies, den 13. Juli war di grouss Final an der Réidener Schwämm, wou fir d'éischt moies di lokal Qualifikatioun an deenen 3 Alterskategorien (7-12 Joer ; 13-18 Joer an 18+) gerutscht ginn ass, iert dann nomëttes di 3 Éischt vun alle bedeelegten Schwämmen an der grousser Finall géinteneen ugetruede sinn, woubäi d'Schlussgewënner Julien Poos, Alexi Wentzel a Yul Kettenmeyer mat flotte Präisser belount goufen.

Insgesamt eng cool a reusséiert Aktioun vun deene verschiddenen Schwämmen, déi Loscht op weider Synergien tëscht deenen eenzelnen Etablissementer mécht.



# COURS DE PEINTURE



pour débutants et avancés

Techniques: acrylique et aquarelle
Chaque **lundi soir** (à part des vacances scolaires) de 19h30 à 21h30 à partir du 23.09.2024
Le prix d'inscription s'élève à 100€ pour une séance de 8 cours.
Toute personne intéressé est priée de s'adresser à Madame Mado Muller-Marx tel : 691 643 125 ou par mail : mamarx70@gmail.com
Organisation : commission Culturelle de la Commune de Redange






**D'Fraen a Mammen aus der Par Atertdall Sainte Claire organiséieren de 04. September ëm 19h30 zu Réiden/Atert, an der Aula, ee flotte Kinosowend.**
**De Regisseur an een Iwwerraschungsgaascht sinn deen Owend präsent.**
**Den Entrée ass fräi!!**

# Vëlos-Tour an der Gemeng Réiden




VIDE
DRESSING
5.10.2024
Vun 9 bis 16 Auer
Am Sall Polyvalent
hannert der Kierch,
zu Réiden/Atert
Just mat Dammekleeder,
Schong, Poschen, Bijoue'en
Verpasst nëtt dës Geleeënheet fir äre
Kleederschaf ze raumen oder fir är
Garderob nei opzefrëschen.
Standgeld: 20 EUR pro Dësch
Alles wat verkaaft gëtt muss
an engem excellenten Zoustand sinn .
Ufro fir e Stand:
kuffermonique@gmail.com
HANDBALL CLUB
ATERT RÉIDEN
Fir lessen an
Drënken
ass gesuergt.


Depuis 1978
Fada's Family
Spectacle International de Transformistes
Thierry
Billy
Mike
Laura
Kevin
Josy
Claude
Special guest
DeluX Show Girls
Samschdes den 19. Oktober 2024
zu Réiden am Centre Polyvalent
ab 19h00
Entrée: 55 € Show mat Iessen
(Prince Orloff/vegetaresche Menu + Dessert)
Reservatioun duerch Iwwerweisung op de Konto:
BGL LU64 0030 4489 0523 0000
(bis den 1.10.2024)
Fir all weider Froen Tel: 621 137 508
Org.: Réidener Musik
www.fadasfamily.lu
www.deluxshowgirls.lu
Fada's Family a.s.b.l.
Delux Show Girls a.s.b.l.

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**






Fir de 26. September huet sech de Poopst Franziskus ugemellt fir op Lëtzebuerg ze kommen. Dat ass fir eis all eng grouss Freed.
D'Kathoulesch Kierch huet zu där Gelegenheet eng 40 Säiten déck Broschür erausginn, mat Informatiounen iwwert de Poopstbesuch, Virwieder vum Kardinol Jean-Claude Hollerich, Weibëschof Leo Wagener an Generalvikar Patrick Muller, deen och de Koordinator vun der Poopstvisit ass, mat dem Programm, d'Explikatiounen vum Logo, wou de Poopst Franziskus an d'Kathedral vu Lëtzebuerg drophiweisen, dat mer als Lëtzebuerger Kierch mat der Weltkierch an dem Poopst verbonnen sinn. Déi blo Fuerw weist op d'Muttergottes hin, wëll mat dem Poopstbesuch fänkt och de Jubiläum « 400 Joer Oktav » un, dee bis no der Oktave 2025 dauert.

Als Devise ass erausgesicht ginn: « Pour servir », « Fir ze déngen », e Motto, deen ganz wichteg war bei den Entwerten hei zu Lëtzebuerg fir d'Bëschofssynode firzebereeden. D'Kierch ass do fir Gott ze luewen an de Mënschen ze déngen.
Zwee Virbiller aus Lëtzebuerg ginn beschriwwen, déi mat dem Motto « pour servir » ze dinn hunn: Mutter Franziska (1804-1880), déi d'Franziskaner Schwësteren, « Franciscaines de la miséricorde » 1847 gegrënnt huet, an den Robert Schuman (1886-1963), dee groussen Europa-Politiker, deen sech als déifgleewegen Katholik fir d'Eenheet, de Fridden an d'Zesummenaarbecht tëschen de Länner agesaat huet.

An der Broschür fanne mer och eng Neuvaine, Bibeltexter a Gebieder fir all Dag vum 18. bis den 26. September. An der Par Atertdall Sainte-Claire kann en dës Gebieder an der Famill oder och gemeinsam an enger vun eiser Kierche maachen. Mir bieden des Novene ëmmer vun 19.30 bis19.45 Auer

| | |
|---|---|
| Dënschdes, den 17.09. | an der Kierch zu Viichten |
| Mëttwochs, den 18.09. | an der Kierch zu Useldeng |
| Donneschdes, den 19.9. | an der Kierch zu Bettborn |
| Freides, den 20.9. | an der Kierch zu Ell |
| Samschdes, den 21.9. | an der Kierch zu Groussbus |
| Sonndes, den 22.9. | an der Kierch zu Réiden, no der Owesmass |
| Méindes, den 23.9. | an der Kierch zu Biekerich |
| Dënschdes, den 24.9. | an der Kierch zu Iewerleng, nom Taizé-Gebied |
| Mëttwoch, den 25.9. | an der Kierch zu Osper |

**Le 26 septembre 2024, le pape François visitera le Luxembourg. Pour préparer cette visite, l'archidiocèse a publié une brochure avec des informations, des textes de méditation, des prières... Vous trouvez cette brochure dans les églises de la paroisse. Servez-vous!**

# D'Kropemannsfest a.s.b.l. ass nei agekleed ginn










De Comité vun der Kropemannsfest a.s.b.l. ass vun der Réidener Härespënnchen nei agekleed ginn.

D'Lotty Welfring huet sech eng Freed draus gemeet bei enger klenger Feierstonn di nei Hiemer a Blusen ze verdeelen.

***De Comité seet villmols Merci:***
Danielle Simon-Arendt, Monique Kuffer, Marc Mathieu, Charel Welter, Luc Pauly, Marc Duhr, Anne Weber, Armand Trausch, Chris Arent, Jeff Muller, Raymond Schlim.

# Kropemanns Fest

**den 29. September 2024**
**zu Réiden / Atert**
**10:00 - 19:00**

Entrée & Navette GRATIS

Hobby- & Konschtmaart,
Informatiouns- & aner Maartstänn

Musek op 4 Bünen &
Kanneranimatioun

Ouverture um 10:00
hannert dem Worréshaus
mat Politiker-Theater an Ëmfang
vum Kropemann

Org.: Kropemannsfest asbl

www.reidener-kropemannsfest.lu